

## **Beem fort fir eng gréng Stad? Statement vu natur&ëmwelt zum geplangten Ausbau vun der Tram-Streck duerch d' Porte-Neuve.**

**Kockelscheier, 09.08.2022**

### **Beem fort fir eng gréng Stad?**

*Net d' Beem, mee d' Autoen an der Porte-Neuve mussen fort.*

*Nëmmen dat entsprécht enger nohalteger Stadpolitik, dem Erhalt vun der lokaler Biodiversitéit an engem eescht gemengten Aarteschutz!*

natur&ëmwelt verfollegt déi neisten Entwécklungen em den Ausbau vum Tram-Reseau an der Stad mat verwonnertem Onverständnis.

Am Kader vun enger zukunftsfaeger Stad, engem ausgebauten, gréngen öffentlichechen Transport an engem klimakrisen-ugepasste Liewensstil steet elo also am Raum, dass d' Beem an Hecken laanscht d' Kinnekswiss ofgeholt solle ginn. Dat wier, sou schéngt et, ob den éischte Bléck och logesch, well soss, nieft den Auto- a Busspueren, de Vëlosspueren an den Trottoire lénks a riets, keng Platz méi fir den Tram wier. An dee wëlle mer jo, oder net?

Selbstverständlech! Mee kucke mer eis déi Saach mol méi am Detail un:

Ob den zweete Bléck kraazt een sech nämlech verwonnert um Kapp, well een sech d' Fro stelle kann, ob mer eis do net déi falsch Fro stellen? Well: Wéi soll dann do och Platz fir den Tram sinn? Et ass net allze erstaunlech, dass net gläichzäiteg Platz fir Autoen, Busser, Foussgänger:innen, Vëlosfuerer:innen **an** eng nei Tram-Linn an der Avenue de la Porte-Neuve ka sinn - wann et aktuell schonn net mat der Platz op geet.

Mee d'Äntwert ob dëse Constat dierf dann eben net sinn: Ma da ginn d' Beem an d' Hecken alt ofgeholt! D' Grënn, firwat dat esou net goe kann, leien ob der Hand.

Des Prozedur kléngt wéi eng al Äntwert ob eng nei Fro. Oder, wéi wann ee mat ale Léisungen nei Problemer wéilt ugoen. Et ass evident, dass d' Platz net duer geet, an dass se sech net erbäi zaubere léisst. Ma wann dat esou ass, da misst een sech éischer em d' Fro këmmen, wéi de Verkéiersproblem sech **grundsätzlech** anescht léise loosse géif. Spréch: Wéi eng Fortbewegungsmëttel wëlle mer dann iwwerhaapt an der Stad? A wou?

An do gëtt et da quokeleg, well - och dat erschéngt logesch - et dann eventuell un d'Substanz vum Auto goe kéint. An dëst géif eng kloer Entscheidung vun der Stad Lëtzebuerg **géint** den ëmmer nach héich priorisierten Individualtransport, a **fir** den öffentlichechen Transport bedeiten. Mee doru gëtt sech net gäre getraut, well dat bedeite géif, dass een den déif verankerte Privileeg misst hannerfroen, sech iwwerall mat sengem eegenen Auto hi beweegen (a parken) ze kennen.

An awer wier grad esou e Projet, den et erfuerdert, de Verkéier an der Stad nei ze denken, dach de perfekte Moment, fir ze iwwerleeën, wéi sech eis Verkéiersproblematik wierklech zukunftsfaeg léise loosse géif. An dat ebe grad am Kader vun enger richteg klimafrëndlecher Mobilitéitspolitik vu muer. A nee, dat bedeit net, dass **keen** Auto méi duerch d' Stad fueren dierf, mee dass den Auto net méi prinzipiell als prioriséiert Verkéiersmëttel an enger moderner, klimaangepasstener Stad dierf ugesi ginn.

natur&ëmwelt stellt sech d' Fro, firwat ob dëser Platz léiwer al a schützenswäert Beem an Hecke wäiche sollen, wéi Autoen, déi d' Stadklima allerhéchstens verschlechteren? Des Beem spillen eng wichteg Roll beim Erofkillen vun der Stad - wat an der Zukunft ëmmer méi wichteg wäert ginn. Doriwwer eraus sinn se och e Réckzuchsgebitt fir verschidde geschützte urban Villercher, beispillsweis de Mëttelspiecht an de Grénge Spiecht, de Steekueb an de Girrelitz. Des Villercherspopulatiounen sinn an engem schlechten Erhaltungszoustand, a **mussen** dowéinst geschützt ginn. Doriwwer eraus gëtt et do, wou Spiechten sech ophalen, Baamhöhlen. A wou Baamhöhlen, do och Fliedermais, déi - och - schützenswäert a nätzlech sinn. Nätzlech sinn och prinzipiell all Déieren, déi an der Stad liewen, well se fir eis am Alldag Mais, Moustiquen an Harespelen an der Gitt halen - oder Knascht an lessensrechter, déi mir Mënschen hannerloossen, "entsuergen".

An do si mer da beim uewe genannte Paradox ukomm: Wa mer probéieren, et alle Verkéiersmëttel gerecht ze maachen, dann opfere mer Natur - déi sech souwiso manner wiere kann. A genau dat ass déi falsch Approche.

Mir fuerderen dowéinst: Net d' Beem, mee d' Autoen an der Porte-Neuve mussen fort. Well nëmmen dat entsprécht enger nohalteger Stadpolitik, dem Erhalt vun der lokaler Biodiversitéit an engem eescht gemengten Aarteschutz a Klimaschutz!

**Kontakt:**

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Selma Weber

Projets et campagnes politiques

5, route de Luxembourg

L-1899 Kockelscheuer

E-mail: [s.weber@naturemwelt.lu](mailto:s.weber@naturemwelt.lu)

Tel: +352 29 04 04 311